# Héije Besuch am Pompjeesmusée

Visitt vum S.A.R. le Grand-Duc héritier Prënz Guillaume



**Wolz.** Kierzlech war héije Besuch am Pompjeesmusée vum Pompjeesverband ugesot. S.A.R. le Grand-Duc héritier Prënz Guillaume war op Visitt. Nodeem de Prënz Guillaume vum Buergermeeschter vun der Stad Wolz, dem Frank Arndt, dem Präsident vum Lëtzebuerger Pompjeesverband, Marc Mamer, an dem Präsident vun de Frënn vum Pompjeesmusée an der Géitz, dem Patrick Juncker, begréisst gouf, huet de Patrick Juncker an der Entrée Erklärungen zur Entsteeung an dem Finanzement vum Pompjeesmusée ginn, ier hie Villes iwwert d'Protection Civile ze zielen hat. No der Präsentatioun vun de Membere vun der Ekipp vum Musée, ass d'Méiglechkeet genotzt ginn, fir dem Gaascht vill Infoen an Detailer iwwert Pompjeeswiese vu fréier bis haut konnten ze gi wärend dem Rondgang duerch de Musée. Mat vill Interessi huet de Prënz Guillaume di ganz Ausstellung op sech awierke gelooss, huet der Ekipp ee grousse Bravo fir di geleeschten Aarbecht gesot a ganz häerzlech felicitéiert, dass den Hommage un d'Pompjeeë vu fréier bis haut hei am Musée op eng flott Aart a Weis de Léit méi no bruecht gëtt. Des Visitt geet sécherlech an d'Geschicht vum Lëtzebuerger Pompjeesmusée an.

*Patrick Juncker*
*via mywort*